

# NATIONALE PLASTIKDAG

## Grouss Parade fir méi Plastik zu Lëtzebuerg an an der Welt

Fir d'Feierlegkeeten vum nationale Plastikdag ruffe mir all Plastikkonsumenten a Plastikkonsumentinnen op de Plastik ze zelebréieren. Während et eiser Natur ëmmer besser geet – ass et un der Zäit eise Plastikkonsum och mol eng Kéier an d'Luucht ze schrauwen. Mir kenne roueg nach eng Schëpp bäileeën.

---

### DUERFIR FUERDERE MIR UM NATIONALE PLASTIKDAG :

+ Porzeläinstelleren a Läffelsgeschir a Restauranten an an ëffentleche Kantinnen duerch Plastiksgeschir ersetzen.
+ All Plastiksfläsch soll ab elo just nach eemol benotzt ginn. Remverwendbar Alternative solle lues a lues der Vergaangenheet ugehéieren.
+ Fir genuch Plastik ze produzéieren, sollen all eis Liewensmëttel an Zukunft mindestens 2 mol a Plastik agepaakt ginn.
+ Jiddereen dee Plastik produzéiert soll kenne vu staatleche Subside profitéieren a vun engem reduzéierte Steiersaz profitéieren.
+ D'TVA op Plastiksproduite soll erofgeschrauft ginn.
+ De Recyclage soll verbuede ginn.
+ Mir wëllen e Label fir Geschäfter déi genuch Plastik verkafen.
+ All Responsabele Bierger dee genuch Plastiksoffall am Joer produzéiert soll dat um Enn vum Joer vun de Steiere kennen ofsetzen.

## Vive de Plastik –
## because plastic is fantastic.